

## d'ARBED a Südkorea

Daß d'Wirtschaftskinnécken am léifsten do investéieren, wou "geuerdent" politesch Verhältnisser bestin, d.h. wou mat Diktaturmethoden dem Vollék séng berechtigt Forderungen no Fräiheet a Wuelstand ënnerdréckt gin, as eng bekannt Tatsaach, ouni déi onst eleng um Profit orientéiert Wirtschaftssystem scho laang ënnergaang wär. Di amerikanesch Interventiounen, di zum Stuerz vum President Allende an zur Diktatur vum General Pinochet am Chile gefouert hun, si nëmmen ee bekannt Beispill. Dësem Gesetz vum Kapitalismus entgeet och Lëtzebuerg nët. Säit Jorzéngten as d'ARBED a Brasilien etabléiert, ouni je e Pipjeswuert géint d'Militärrégime a géint di sozial Ongerechtegkeeten an deem Land verluer ze hun. Vru kuerzem huet d'AFC d'Aktivitéiten vun der lëtzebuergescher Holdinggesellschaft ADELA am selwechte Wirtschaftsparadies opgedeckt (vgl. LW, 9.3.1978). Säit Joeren fléit d'Luxair no Südafrika, well die südafrikanesch Fluggesellschaft nët a Schwarzafrika däerf téschelanden. Säit zejoert as d'Cargolux un enger Firma bedeelegt, di zesumme mat Air Uruguay de südamerikanesche Kontinent besser soll dem lëtzebuurger Kapital (e.a.) erschléissen. Elo suergt d'ARBED neess fier nei Bezéiungen vun der lëtzebuurger Wirtschaft mat engem Diktaturrégime, nämlech Südkorea. Et gi nach masseg aner Beispiller. An och dës Kéier hu weder déi, di hiere Sënn fier d'Gerechtegkeet aus dem Chrëschtentum ofleeden, nach déi di sech an hierem Asaatz fier d'Mënscherechter op de Sozialismus beruffen, 'ët gewot, géint dës onmoralesch Décisioun vum ARBED-Konzern ze protestéieren.

Informatiounen iwert d'Situatioun vun de Mëscherechter a Südkorea fënnt wee wëllt an engem Bericht vun *Amnesty International*, deen dës Organisatioun am Februar 1978 an enger erweiterter Oplag openeits publizéiert huet. An der Januar-Nummer vum A.I.-Bulletin wor deen hei ofgedréckten Opruff ze liesen. Den do ernimnten Dichter Kim Chi Ha sëtzt scho laang a fier liewenslänglech am Prisong, well e géint d'Anti-Kommunismus-Gesetz soll verstouss hun. Aus séngem Verhéier gouf e.a. deen Témoignage bekannt dee mer aus Orientierung (Zürich) 40(1976) S.177ff. iwerhuelen. m.p.